Rapport Referees' Commission - 21.04.2020

Uwiesend : Frieseisen, Geib, Keiffer F., Weinzierl, Nesser, Simonelli, Pascalicchio, Weber, Courtois

Entschëllegt : Frieden

1) Wéinst den aktuellen Uläss, ass d'Versammlung iwwer Videokonferenz gehale ginn.

2) Adoptioun vum Rapport Referees' Commission vum 11.02.2020

De Patrick Simonelli huet dem HB Mersch 75 op hire Bréif geäntwert.

Wat d'Vestiairen zu Bouneweg uginn, huet d'FLH e Bréif un den Service des Sports vun der Gemeng Lëtzebuerg geschéckt. Bis elo ass nach keng Äntwert do.

3) Analyse vun der aktueller Situatioun:

Laftester am Juni/Juli sinn ofgesot a gi nogeholl, soubal d'Situatioun et erlaabt.

Wat d'Reegeltester ugeet kuckt d'RefCom eng online Léisung ze fannen.

4) ***Formatioun:***

D'RefCom huet an de leschte Méint Reegelfroen a Videoen op Facebook gestallt. D'RefCom ass enttäuscht iwwert déi niddreg Zuel vun Arbitter déi un derer Formatioun continue matgemaach hunn. Allgemeng ass festgestallt ginn, dass vill nei Arbitter do nët matmaachen. Fir d'Entwécklung vun de jonken Arbitter ze garantéieren, sinn an Zukunft ALL Formatiounen OBLIGATORESCH fir ALL Arbitter. Et gi kéng Formatiou-nen méi, just fir AXA-Arbitter, organiséiert.

D'Reegeltester ginn dëst Joer nom EHF/IHF System verbessert. D'Arbitter kréien d'Informatioun och per Mail a Facebook.

D'Tester sinn op däitsch an/oder franséisch. Englesch Tester ginn et op Ufro a fir eis EHF Arbitter an Kandidaten (wann si keen Test bei der EHF maachen).

Den Alain an de Philippe hunn eng éischt online Formatioun fir eis Arbitter lancéiert. Déi war den 2. Mee 2020 (09h00-12h00) mat Video a weider Informatiounen vun der EHF. Et hun xx Arbitter deelgeholl. RefCom seet denen 2 Merci fiir déi super Initiative.

De Stage Ufank der Saison hänkt och vun der Situatioun of. De Patrick Simonelli hält dat am Aen. D'Reservatioune vun de Säll bleiwen am Moment bestoen.

D'RefCom plangt nächst Saison och e "Cours supérieur" fir Arbitter. Detailer sinn am Gaangen ausgeschafft ze ginn.

Leider konnten déi meescht nei C-Arbitter-Kandidaten nach op keng Matcher agesat ginn. D'RefCom kuckt déi Arbitter direkt am Ufank vun der Saison kënnen anzesetzen.

5) H-AXA_Saison 2020/2021:

Wëll d'nächst Saison d'AXA-League Hären mat 10 Equipe gespillt ginn (5 Matcher pro Weekend) gëtt de Kontingent vun den H-AXA-League Arbitter ëm 2 Koppelen op 9 erhéicht. Déi Koppele mussen natierlech déi néideg Tester packen.

6) Austausch Arbitter:

WHV: Duerch bekannten Ëmstänn konnte mir dës Saison keng Koppel an Éisträich schécken. D'RefCom ass am Kontakt mam WHV.

RPS: Den Austausch mam RPS ass positiv verlaf. D'Linn vum Arbitrage gouf lues a lues ugepasst, an d'RefCom wëll och d'nächst Saison mat dem Austausch weider maachen. Et ass eng win-win Situatioun fir all Participanten.

Eng Ufro vun engem Arbitter aus dem Rheinland fir hei zu Lëtzebuerg ze päifen gëtt am Moment gepréift. D'RefCom ass do a Verbindung mam HVR.

7) LetzHandmag:

D'RefCom seet Merci fir de gudde Magasinn iwwert den Arbitrage.

8) ***SBO/Handball4all:***

Ab nächster Saison gëtt probéiert alles iwwert den H4a ze féieren - Besetzungen, O-frechnungen an Rapporten. D'Arbitter si gebieden d'Handbuch vum SBO nach eng Kéier duerchzeliesen. Weider Informatiounen ginn nach un d'Arbitter verschéckt.

https://www.flh.lu/fileadmin/flh/documents/FdM/Handbuch_SpielberichtOn-line_V1.6.1.pdf

Nächst RefCom: Dënschden den 02. Juni 2020 um 18h15